b) Auguste Ulveling remercie tous ceux qui l'ont soutenu.

Dir meng léif Könnercher! Er hîierzech Wîrder hu mech déif ergraff. Ech danken îech an all dénen, déi mir haut déi grouss Iwerraschung gemâcht hun. Hir Gesönnongen éiren onst Wierk ann si sèlwer, dèi treimddech Hand an Hand mat mir geschafft hun, fir d'Crèche opzerîchten ann ömmer nach ze vergréisseren an ze verbèsseren. Gewöss, ech si stolz drop, dass ech d'E'er ann d'Fréd hât, vun der éischter Stonn un derbei ze sin ann, zesumme mat édelgesönnten Dammen ann Hären e Wîerk ze schaffen, dât nu scho 15 Jôer dées Gudden souvill gestöfft huet, e Wîerk dât èngem wîrkleche Bedîrfnes entsprach huet ann nach all Däg méi entsprecht. Kaum wor d'Idi lanséiert, do woren och schonn honnert Hänn berêt matunzepâken fir de Kanner am Alter vu sèx Wochen bis zu drêi Jôer, wann hir Mammen dobâussen am frîemen Dengscht als Stonnefrâen sech fir d'Brout ofrackere mussen, e stellen, secheren Önnerdâch, e gemîtlecht Hem ânzerîchten. An der Spötzt vun dénen, déi ons mam Hîerz a mat der Hand gehollef hun, stong allzêit onst veréiert Herrscherhâus. Ann net elèng mat Gèld krute mir do kräfteg önner d'Aerm gegraff, mé e Stéck vun hirem Hierz, vun hirer Léift huet ons prenzlech Familjen der Crèche geschènkt. Schonns d'Groussmamm vun onser Grosshèrzogin huet ömmer d'Hand driwer gehâlen als Frendin a Protèktorin. Et wor fir si en Hîerzensbedîrfnes ann èng Fréd an d'Crèche ze kommen ann sech mat de Könnercher a mat de Schwesteren frendlech z'önnerhâlen.

Et géif ze wêit féieren, wann ech d'Nîem vun all déne Persounen, Vereiner a Veranstaltongen opzîele solt, déi esô wêithîerzich ann esou generéis fir ons Oeuvre gewîrkt hun. D'Stâd ann d'Regierong hun sech net huele lôsst a woren ömmer beihand, wann et gegollen huet. Gesang- a Musekgesèlschâften hu wîrklech matenè konkurréiert, fir déi décksten Zomm an d'Crèche liweren ze können. Si hun an engem Eckelchen vun hirer Burss ömmer nach èppes fond fir ons Crèche. Ann Dammen aus de bèschte Familje vun der Stâd hun sech d'Méi net verdréisse lôsst, all Woch en ètlech Stonnen mat hirer Persoun fir d'gutt Sâch ânzetrîeden. Wât brâuch ên sech do ze wönneren, wann d'Crèche haut önner de Letzeburger sozialen Arîchtongen d'E'replaz ânhöllt, zemôl wann esou hêlechméissech Frâen als Engele vun der Bârmhîerzechkêt op Schrött an Trött ons Liblenge flégen ann iwerwâchen, fir dass e kên Hèerche gekrömmt soll gin. Dankbar musse mir ons verneigen virun de Schwesteren, déi aus Léift ze Gott ann zur Menschhêt hir Gesondhêt, hir Fréd ann hir Krâft opafferen zum Wûol vun den ârme Könnerchen, déi mam Hîerz un hinnen hänken wéi un enger Mamm.

Mir wöllen hoffen a bîeden, dass all déi gutt Hîerzer, déi onst Wierk mat hirer Léift, mat hirem Geld ann hirer Aarbecht héichgehalen hun, honnert-an dausenfach duerfir belount gin, schon elèng